N°4145
Entrée le 27.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.05.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 26. Mee 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister weiderzeleeden.

A senger Erklärung zur Lag vun der Natioun 2025 huet de Premier d'Problematik vum "Non-recours" thematiséiert, also de Fait, dass Leit net ëmmer déi Hëllefe kréien oder ufroen, op déi si eigentlech Usproch hunn. Hien huet dobäi drop higewisen, dass zanter Ufank vum Joer iwwer 11.000 Persounen hir *allocation de vie chère* oder hir Energieprimm automatesch, also ouni Demande, ausbezuelt kruten. Donieft goufen 20.000 Formulairen am Viraus un déi potenziell Beneficiairë verschéckt.

An deem Kontext géinge mir dem Här Minister follgend Froe stellen:

- Wéi gesäit d'Entwécklung haut, e Joer duerno, aus?
- Wéi vill Léit kréien haut déi zwou genannte Bäihëllefen?
- Wéi vill vun deenen am Viraus ausgefëllten Demanden sinn zeréckkomm a wéi vill Leit hunn duerno déi Aiden kritt?
- Wéi gesäit d'Entwécklung bei deenen aneren Aiden aus a bei wéi engen Aiden gëtt et den Automatismus an der Tëschenzäit oder soll deemnächst kommen?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

Georges Engel
Deputéierten



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu